**Amicale des Anciens de Torgau**

**Comités-Sëtzung vum 12.07.1993** 15.00 Auer , Châlet Mierscherbierg
**Présents**: REULAND - KELLER - DAHM - FAH - KEYSER - MAGAR - THILL .

**Ordre du jour:**

1.)Rapport iwer d' Zeit vum 14.4.-12.7.92

Zënter der Generalversammlung vum 14.04.93 sën 3 nei Mêrmbere beikomm

De Stand vun der Caise as 8896.- Frang.

Et as verschidde Korrespondenz hin an hier gaang iwer d'"Gedenkstätte" Torgau an eis Wënsch dozou. (V. Dossier 2.02.-18.05.93)

2.)Torgau-Rees v. President. a Secretär 10.-13-6-93

Fir der "Gedenkstätten-Seminar" zu Torgau vum 10. bis den 13. Juni waren 2 Mann (Reuland an Dahm) hohinner gefuer.
Si gin dem Comité Rapport iwer déi Rees, *déi si aus hire private Mëttele bezuelt hun* .

D'Rees hot 11 Stonne gedauert (06 - 17 Auer) an zu Torgau op der Gar së mer léif empfaange gin - a présence vun der Press - a mir së vill gelueft gin, well mer di weit Rees op eis geholl hun. Mir ware gutt logéiert (Gasthaus zum goldenen Anker , "das erste Haus am Platz") op Käste vun der Friedrich Ebert-Stiftung, déi de Seminar organiséiert hat. Mir warwen di eenzig Ausländer niewent 62 Historiker an Denkmalpfleger aus ganz Deitschland. Ere Sekretär hot den 11.06. e Referat gehal iwer Lëtzebuurg an d'Zwangsrekrutéierung, an déi Wiirder (v. Résumé am Dossier ) së gutt ukomm.
De Seminar as mat eis enger Menung, wa mer dat Gedenk-Kräiz, dat d'"Opfer des Stalinismus" opgeriicht hun, nët fir dat Richtigt fannen - (V. Annexe "Aktion Sühnezeichen, Ofschnëtt II. hannen op dësem Blat)
D'Stad Torgau hot do eng Iddi, déi - wann se realiséiert gët,- eise Virstellunge besser entsprécht.
De Comité as der Menung, mir sollen eis Iddi "Gedenkplack" dofir einstweilen zréckleën a mat den Torgauer Autoritéiten a Kontakt bleiwen.

D'Buch "Das Torgau-Tabu" - an dem och en Artikel vun eisem Com.-.Mêmber P.Fah ofgedréckt as, gët virgewisen, an d'Com.-Mëmbere bestellen et alleguer.

3.)Eng "Réunion Amicale" as virgesi fir de 15. Oktober. Haalt Eech dësen Dag frei! Eng Invitatioun kënt zur Zeit.

Menu fir deen Dag: Au choix:
- Ham,. Fritten an Zalot,
- Eng Pastéitchen , Fr. & Zalot
- Assiette-Maison
- Choucroute Garnie

D'Präisser krett Dir mat der Invitatioun.

Enn vun der Sëtzung.

Aktion Sühnezeichen
Friedensdienste e.V.
Jebensstraße 1, 1000 Berlin 12

Postgiro Berlin 675-103 (BLZ 100 100 10)
Bank für Sozialwirtschaft
Konto Nr. 31 137-00 (BLZ 100 205 00)

Berlin, den 14. Juni 1993

## Erklärung

Vom 10.-13. Juni haben in Torgau 64 Mitarbeiter/-innen von bundesdeutschen Gedenkstätten sowie Vertreterinnen und -Vertreter verschiedener Interessenvereinigungen für NS-Opfer ein Seminar zum Thema "Kriegsgefangene und Opfer der Wehrmachtjustiz" durchgeführt.
Gäste des Seminars waren Angehörige der "Amicale des Anciens de Torgau" in der Vereinigung ehemaliger Luxemburgischer Zwangsrekrutierter.
Torgau wurde als Tagungsort gewählt, da es "Zentrale" des Strafvollzugsystems der deutschen Wehrmacht und seit 1943 Sitz des Reichskriegsgerichts war, bevor die sowjetische Besatzungsmacht hier 1945 ein NKWD-Lager einrichtete.

Zur historischen Erforschung und Erinnerung an die Opfer der verschiedenen Verfolgungsperioden im 20. Jahrhundert in Torgau wurde nach ausführlicher Diskussion folgende Erklärung verabschiedet:

### I. Dokumentieren - Gedenken

Grundlegendes Ergebnis der Diskussion war die Feststellung, daß die deutschen Verbrechen während des Zweiten Weltkriegs und die Verbrechen nach Kriegsende sowohl qualitativ als auch quantitativ zu unterscheiden sind.
Das Seminar tritt für eine Dokumentation der ganzen Geschichte mit ihren Ursachen, Folgen und Zusammenhängen ein. Ein unterschiedsloses Gedenken an alle Opfer der verschiedenen Verfolgungsperioden lehnt das Seminar ab.

### II. Gedenkkreuz am Fort Zinna

Das im November 1992 an der Justizvollzugsanstalt (JVA) Torgau / Fort Zinna errichtete Gedenkkreuz wird aus folgenden Gründen abgelehnt:
a.) Der Standort am Rande des Parkplatzes der JVA ist aufgrund der baulichen Gestaltung des Umfelds für ein würdiges Gedenken ungeeignet..
b.) Das Symbol des Kreuzes ist kein allgemeingültiges Zeichen der Trauer. Für die jüdischen Opfer ist es auch ein Zeichen der Verfolgung geworden.

c.) Die Kritik des Seminars richtet sich gegen die vorhandenen Gedenktafeln, die die Toten des Fort Zinna in jeder Verfolgungsperiode unterschiedslos vereinnahmen.
d.) Die Ausgrenzung der "Bundesvereinigung Opfer der NS-Militärjustiz", der "Amicale des Anciens de Torgau" im Verband ehemaliger Luxemburgischer Zwangsrekrutierter und anderer Interessenverbände von Opfern des NS-Regimes bei der Planung und Einweihung des Mahnmals stößt auf grundsätzliche Kritik.

Enrôlés de Force
Amicale
des Anciens
de TORGAU

22, rue du XI Septembre
L-9282 DIEKIRCH

Rapport iwer d'"Réunion Amicale" vum 15.Oktober 1943

21 Mêmbere ware mat engem Total vun 38 Persounen dem Opruff nokomm an hun sich ëm 16.00 Auer um Mierscherbierg zesummefont. 9 Mann haten sich entschëlligt, zum gréissten Deel weent Krankheet, e puer waren déi Zeit op enger Rees am Ausland.(Annex 1)

De President Will REULAND hot an senger Begréissung senger Freed Ausdrock gin doriwer, datt der - trotz allem - nach su vill zesummekomm sën an hot dem Sekretär Misch DAHM d'Wuurt gi fir e Réckbléck op d'Zeit vum 14. Abrël un. De Sekretär erzielt, datt sich zënterhier su munniches zougedron hot, am Besonnëschen eng Rees op Torgau, wu Pres. a Sekr. op e "Gedenkstättenseminar" ageluede waren. Hie liest och de Virdrag vir, den en zu Torgau bei deer Geleënheet gehal hot, schwetzt vun engem Telefons-Interwiew am "Mitteldeutschen Rundfunk", zu dem en "à l'improviste" geholl gi war, an de Bréif vun engem onschëllige Pr..., den en sich duurch en Aussproch verdéngt hat, den "sie" net mi geren héieren. Je, aus sengem Réckbléck geet ervir, datt mir di letzt Zeit nët méissig waren.

Am Numm vum verhënnerte René MAGAR erënnert en un di proposéiert Tellere mat dem Grondrëss vum "Fort Zinna" a gët eng Mêmberelëst ronderëm, op der jidderee seng Commande kan aschreiwen. Su kënt eng Bestellung vu 17 Telleren zesummen (Annex 2).

Wi op d'Fro vum President, ob nach speziell Froë gestalt gin, keng besonnesch Aentwerte kommen, hiewt de President den offiziellen Deel vun der Versammlung op, an et as un de Privat-Causettercher.Ëm 18 Auer gouf d'Eessen servéiert, awi laang dat - an dat duerno - gedauert hot, war jdderengem iwerlooss.